# NEWSLETTER « LËTZEBUERGER JUGENDPOMPJEEËN »



1. Februar 2020 / 033

Wäert Jugendleeder, Jugendleederinnen, Stellvertrieder, wäert Kollegen,

Eis AG wäert den 25. Abréll 2020 um 16.00 Auer zu Contern am "Henkes",

## Generalversammlung Lëtzebuerger Jugendpompjeeën

25. ABRËLL 2020

ZU CONTERN AM «HENKES»

Den Dag vum Jugendpompjeeë – 16. Mee 2020 14.00 bis 18.00 Auer zu Nidderfeelen,

Ewéi versprach wollten mir och eis Jugendlech an engem Workshop ëm hier Hëllef froen. Dësen Dag gouf fest geluecht op den 16. Mee 2020. Mir erhoffen eis aus all Regioun 3-4 Jugendlech fir dësen Dag. Hei wäerten mir mat hinnen op verschidden Themen agoen an ausdiskutéieren ewéi Jugend dëst gesäit.

**SAVE THE DATE ☺ →**

**29.03.2020 – ab 14.00 Auer Diekirch**

**National Schwammmeeschterschaft**

**Merci am Numm vum JFA!**
Äert Team aus dem Jugendausschoss!


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

# MATDEELONG VUM DEPARTEMENT DES POMPIERS VOLONTAIRES CGDIS - DPV

Un déi Responsabel vun der “Unité jeunes pompiers” : Wéi Dir wësst kënnen d’Jugendpompjeeën ab dem Alter vu 15 Joer hiiren Iwwergang bei déi opérationnel Pompjeeën preparéieren :

Denkt dofier weg drun dat jidfereen muss sain 1. Hëllefs Cours hunn: Aschreiwungen iwwer cours.cgdis.lu

Ier ee kann sai Médico «A» fir déi roud Sait an/oder «B» fir de secours à personne maachen, muss een um Sportstest vum CGDIS deelgeholl un. Datumer fir d’Joer 2020 sinn:

| | | |
|---|---|---|
| Februar | 22.02 | Bettembourg |
| März | 14.03 | Pétange |
| Abrëll | 18.04 | Bettembourg |
| Mee | 16.05 | Niederanven |
| Juni | 20.06 | Mamer |
| Juli | 18.07 | Wasserbillig |
| August | 08.08 | Bascharage |
| September | 19.09 | Clervaux |
| Oktober | 17.10 | Hesperange |
| November | 07.11 | Bascharage |
| Dezember | 19.12 | Hesperange |

Umellen kënnt Dir d’Leit iwwer de Site 112.lu. Ënner der Rubrik: “Recrutement / Devenir Pompier volontaire” fannt Dir déi néidech Détailer an och de Link fir d’Leit anzeschreiwen.

## Aktivitéitskalenner:

| Datum | Aktivitéit | Wou | Kontakt |
|---|---|---|---|
| 17.02.&18.02.20 | 20-02-CIC I | SADIFF | SÜDEN |
| 19.02.&20.02.20 | 20-02-CIC II | SADIFF | SÜDEN |
| 22.02.&23.02.20 | 20-03-CIC I | JUNGLINSTER | OSTEN |
| 07.03.&08.03.20 | 20-04-CIC II | JUNGLINSTER | OSTEN |
| 14.03.&15.03.20 | 20-04-CIC I | MAMER | ZENTRUM |
| 21.03.&22.03.20 | 20-03-CIC II | MAMER | ZENTRUM |
| 29.03.2020 | NAT. SCHWAMMMEESCHTERSCHAFT | DIEKIRCH | NORDEN |
| 24.04.2020 | GENERALVERSAMMLUNG FNP | VIANDEN | NORDEN |
| 25.04.2020 | GENERALVERSAMMLUNG JFA | CONTER | OSTEN |
| 16.05.2020 | DAG VUM JUGENDPOMPJEEË | NIEDERFEULEN | JFA |
| 20.06.2020 | NAT. JUGENDCONCOURS (Datum à voir) | NIEDERKORN | JFA |
| 26.09.2020 | NAT. CROSSMEESCHTERSCHAFT | ROSPORT | OSTEN |
| | | | |
| | HUET DIR DATUMER- SCHECKT EIS DES! | | |

## 2020 - POLO FIR EIS JUGENDLECH




Och eis Jugendlech kréien den Polo vum CGDIS. Ab Januar probéieren ech souvill Set’en ewéi méiglech un iech weider ze ginn.

Maacht mir dann eng E-mail → Nicolas.Grisius@cgdis.lu, ech kucken ewéi dir den Set mat Excel-Tabell krit. Ech kréien Excel-Tabell zeréck a duerno maachen mir Rdv zu Niederfeelen, wou ech Polo’en ausdeelen.(Hei hunn mir e Stock vun 08 bis 16 Joer – XS a S etc. kläeren ech och mam DML of.).

| Grades fonctionnels jeunes - pompiers | Galons auto-agrippants |
|---|---|
| Jeunes pompiers - bronze |  |
| Jeunes pompiers - argent |  |
| Jeunes pompiers - or |  |

## Formatioun bei eisen Jugendlech:

Vum 01.01.2020 ginn eis Jugendlech gemäss FIS 1 op hir zukënfteg Wëssenstester prépareiert. Matière kënnt dir iwwert ären CU-Formatioun kréien.

Hei ass nachmol den Tabelau ewéi des Formatiounen fir eis Jugendlech ausgesäit.

| Alter | Formatioun | Grade | Wou ? |
|---|---|---|---|
| Ab 10 Joer | FIS 1.1 | **Bronze** | Lokalen CIS |
| Ab 12 Joer | Éischt Hëllef Cours | | Ausschreiwung kucken resp. an der Regioun organiséieren! |
| Ab 13 Joer | FIS 1.2 | **Sëlwer** | Lokalen CIS |
| Ab 15 Joer | CIC I & II | | Regioun |
| Nom CIC | FIS 1.3 & 1.4. | | Ausschreiwung kucken resp. an der Regioun organiséieren! |
| Ab 16 Joer | FIS 1 Examen | **Gold** | Regioun |

## EINLADUNG ZUR „NATIONALEN SCHWIMMMEISTERSCHAFT“



Werte(r) Jugendleiter(in),

Der Nationale Feuerwehrverband, in Zusammenarbeit mit der Sportkommission und des Regionalverbandes Norden, beehrt sich Ihnen mitzuteilen, dass die diesjährige Schwimmmeisterschaft am **29. Määrz 2020** in Diekirch „Piscine municipale“ stattfinden wird.

Hierzu sind Sie mit Ihrem CIS, Ihrem GIS und ihrer Jugend herzlichst eingeladen. Nachstehend einige Informationen betreffend die Schwimmmeisterschaft.

| | |
|---|---|
| Austragungsort: | Diekirch, rue Joseph Merten (Piscine municipale) |
| Datum: | **Sonntag, den 29.03.2020 → Erster Start ist um 14.00 Uhr** |
| Anmeldebüro: | Ab 13.00 Uhr durchgehend geöffnet |
| Anmeldung: | bis 25.03.2020 mittels Anmeldeformular (verschickt am 03.02.2020 durch FNP!) Wer kein Formular hat, kein Problem ☺ Internetsite FNP! |
| Wo?: | Fédération Nationale des Pompiers, 7, rue Christophe Plantin<br>L-2339 Luxembourg oder per<br>E-Mail sport@fnsp.lu |

Wir hoffen auf eine rege Teilnahme von CGDIS-Mitglieder und Ihrer Jugend und würden uns freuen Sie, am 29. März 2020 als Ehrengast begrüßen zu dürfen.

Die Sport- und Jugendkommission

Léif Leit,

Hei ee klengen Abléck iwwer Festivitéiten fir „**40 Joer Jugendpompjeeën**“ am CIS Reisduerf.

D’Joer 2019 stoung ganz am Kader vun „40 Joer“ Jugend. Dofir haten sich eis Responsabel ee puer flott Aktivitéiten afale gelooss, déi mir mat den Jugendlechen gemaach hunn.

Ir et awer domat lass goung, stoung fir d'éischt Ausbildung vun den Jugendlechen um Programm, wou hir Wëssen an engem Examen zu Wuermer getest gouf. Dësen hunn si och glécklecherweis all gepackt!



De 14ten September war en Ausfluch an “Phantasialand” op Brühl (D) organiséiert ginn. De Rendezvous war, bei schéinem Wieder, ëm 7h00 zu Reisduerf bei der Gare. Vun hei aus goung et mat der Firma Bollig dohin. (Eise Chauffer, wéi kënnt et anescht sinn, war de Max Bley). Wéi mir géint 10h00 ukomm sinn, sinn Kanner a Gruppen agedeelt ginn a mir sinn direkt op Spiller lass gaangen.
Em 18h00 huet et geheescht rëm heem fueren. Et huet een an den Aen an um Gespréich vun deenen Jugendlechen gesinn an héieren, dass hinnen deen Dag richteg gutt gefall hat.

Dunn haten mir, virun der Summervakanz, ee Rallye duerch Gemeng Reisduerf geplangt. Wéinst deenen héijen Temperaturen, déi awer dunn waren, hu mir awer decidéiert, de Rallye ofzesoen, an den Hierscht ze verleeën.



Den 21ten September war et dunn endlech souwäit, dass de Rallye zu Reisduerf stattfonnt huet. Jugendsektiounen aus der Ostregioun an aus dem Kanton Dikrech waren agelueden . An obwuel keen aus dem Kanton Dikrech do war, hat dat awer keen negativen Afloss op Stëmmung .



Bei schéinem Wieder sinn d‘Equippen ëm 13h00 op Streck geschéckt ginn wou Jugend ënnerwee flott Spiller maachen konnt, bäi deenen et ëm Zäit a Punkten goung.

Ëm 19h00 war dunn Präisiwwerreechung, wou eisen Jugendleeder, de Romain Bache, bal de ganzen Schäffen-a Gemengerot begréissen konnt. Wëll déi éischt Schäffin, Madame Anouk Sauber-Hientgen an Vakanz war, konnt si leider net dobäi sinn.



De Romain ass während senger Usproch op Geschicht vun den Jugendpompjeeën hei zu Reisduerf agaangen. Uschléissend koum vir Kanner a Moniteuren dee groussen Moment wou de Romain, mat a sengem Adjunkt dem Mike Wagner an dem Schäfferot, Coupen iwwerreecht huet.
No der Präisiwwerreechung, huet een dem Romain ugesinn, dass di ganz Spannung vun him ofgefall ass an ouni säi Wëssen, ass et fir hien dunn richteg lass gaangen. Hien hat Ugaangs des Joers schonn ugekënnegt, dass hien no 25 Joer Jugendaarbecht, Ënn des Joers als Jugendleeder ginn ophalen a dass säin Adjunkt, de Mike, säin Nofollger géif ginn. Den Regionaljugendleeder, Jonathan Thill, ass un Riednerpult komm a huet dem Romain, als Unerkennung fir seng Aarbecht, d‘Éierennol a Gold vum Jugendausschoss iwwerreecht. A wéi de Romain duecht, dat wier et awer elo gewësst, goung et riicht virun! Als Merci fir seng Déngschter hunn Kollegen vum CIS Reisduerf him du och nach eng schéin Auer, mat Gravure, iwwerreecht. Et huet een dem Romain, wéi hien allen Merci gesot huet, ugesinn, dass hien di eng oder aner Tréin verknaff huet.

De CIS Reisduerf seet dem Romain op alle Fall Merci vir di 25 Joer Jugendaarbecht an mir hoffen, dass een hien nach di eng oder aner Kéier bei der Jugend erëm gesäit.

Romain Bache JL Reisdorf

## Puer Aktioun säitens den Jugendpompjeeën Gemeng Habscht an Iechternach

### Gemeng Habscht

Den 10/01/2020 haaten Jugendpompjeen hier traditionell Kreschtfeier am Pompjeesbau, hei kruuten sie en Kado an Form vun enger Täschenluucht vun den Memberen vum Schäffenrot vun der Gemeng Habscht iwwerreecht.



Als Jugendpompjeeën Gemeng Habscht wellen mir der Gemeng Habscht fier desen Kado Merci soen. No dem Kado hun mir zesummen eng Spaghetti giess an sou zwou flotter Stonnen zesummen verbruecht.

Als Jugendleeder well ech op deser Platz dann allen Jugendpompjeen Merci soen fier Motivation eppes am Rettungwiesen wellen ze leieren an domat hieren Matmenschen wellen ze hellefen. Desweideren well ech een decken Merci un all meng Helfer an Adjointen an dei Responsabel vum CISH gin dei daat ganzt Joer iwwer hellefen Übungen ze plangen an ofzehaalen.

Op een flott Joer 2020!


GH

## Jugendpompjeeën Iechternach

D'Jugendpompjeen hunn an klengen Gruppen zesummen geschafft a sech intensiv mat engem Objet beschäftegt. Dësen hunn se no enger klenger Virbereedung hieren Kollegen erklärt.








# “POT NOUVEL AN”

Ewéi all Joer hunn och des Joer, d.h. geschter Owend, d’Jugendleeder aus dem Norden op hiren Neijoerschspatt agelueden.

Virgestallt goufen duerch den Aarbechtsgrupp Aktivitéiten 2019, zB. Médico, Wëssenstester, ... a Themen fir 2020.
E-mail: jugendpompjeeen.norden@gmail.com
Zesummesetzung Arbechtsgrupp
Soirée des Moniteurs: Ëmgang mat Konflikter ass den 13.11.2020

Nom RJL NORD Christophe Theiß hunn dunn den Kessier JFA Nico Grisius, Regionalpresident NORD Frank Schmit a Buergermeeschter Jean-Paul Schaaf.


Problemer sinn haut:

- d’Schaffen mat den Jugendlechen a fannen vun Moniteuren.
- Ennerstetzung duerch den CUF “Chef Unite Formation”

De Buergermeeschter huet de Jugendleeder säin Respekt ausgeschwaat a matgedeelt, dass haut “de Jugendleeder Virbild fir den Jugendlechen ass a si wichtegen Partner fir d’Jugendlech sinn”.

No de Riede war Ofschloss mat engem kleng Snack a Patt.

## Lëtzebuerger Jugendpompjeeën ginn sech een néit Gesicht ☺




No laangem Hin a Hier hunn mir eis decidéiert och ewéi Federatioun een neien Wee ze goen mat engem neien Internet-Site.

Mir mussen eis hei wierklech moderniséieren, well de Site ass iwwerlieft a net méi, wat mir schonns desöfteren héieren hunn → “up to date ☹”.

Jo an dofir hunn mir elo e Partner fonnt, deen mat eis een neit Konzept ausschafft a wou mir hoffen, op eiser AG villäicht schonns e klengen Abléck ginn.

https://ctif2021.com/ctif-2021-will-be-hosted-in-celje-slovenia/



# Nationalen Concours vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën

**Wéini? 20.06.2020**

**Wou? Nidderkuer – Fussballsterrain**

**Hei wäerten Ausscheedungen stattfannen fir den Internationalen Concours 2021 an Slowenien!**

**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068